N°7801
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Den 11te Juni si Gemengewalen, wou all d'Bierger:innen hei am Land vun hirem Walrecht dierfe Gebrauch maachen. Dofir lafen aktuell verschidde Campagnen, fir d'Bierger:innen, déi kee lëtzebuergesche Pass hunn, z'iwwerzeegen sech op de Wielerlëschten anzeschreiwen. Déi meeschte Campagnë sinn éischter neutral, mee et existéiere verschidden Approchen, déi warscheinlech op der Limitt vun der Legalitéit verlafen.

Esou bidden déi politesch Verantwortlech ronderëm de Schäfferot vun der Gemeng Péiteng de Leit, am Géigenzuch dofir, dass si sech op d'Wielerlëschten aschreiwen, ee "Bon à la consommation" un. An engem weidere Schrëtt huet eng Partei, déi am Schäfferot vertrueden ass, Videoe vun den nei ageschriwwene Wieler opgeholl a Publicitéit mat dëse Videoen op de Social Media Plattforme vun hirer Partei gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Weess d'Regierung, a wéi engen anere Gemengen d'Leit ee Kaddo kruten, ënnert der Bedingung, dass si sech op d'Wielerlëschten aschreiwen?

2. Dierf eng Persoun, Organisatioun oder Institutioun enger Persoun eng Géigeleeschtung ubidden, fir se ze motivéieren, sech op d'Wielerlëschten anzeschreiwen?

3. Ass dëse Kaddo am Aklang mat den Artikele 94 bis 96 vum Walgesetz, notamment dem Artikel 95, wou drasteet: *"La même peine est appliquée à ceux qui, à l'occasion d'une élection, ont donné, offert ou promis aux électeurs des comestibles ou des boissons."*

4. Zweiwelt d'Regierung un der politescher Neutralitéit vun dëser Aktioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten